ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Ekonomie weiderzeleeden.

An engem rezenten Interview, deen den 12. Juli ënnert dem Titel "même droits et mêmes obligations pour tout le monde" am Tageblatt publizéiert gouf, huet de Generalsekretär vun der "Fédération des artisans" seng Bedenke geäussert, datt déi aktuell Hausse vun de Präisser bei Baumaterialien nieft villen aneren Ursaachen, och duerch eng bewosst Baisse vun der Offer duerch grouss Ubidder, déi verfügbar Materialie bewosst zeréckhalen, mat kéint verursaacht sinn.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Minister fir Ekonomie gär des Froe stellen:

1) Sinn dem Minister dës Iwwerleeunge bekannt? Wa jo, kann hien d'Positioun vun der Regierung dozou elaboréieren?
2) Ginn et zoustänneg Verwaltungen, déi hei kéinten eng Enquête lancéieren? Wa jo, wéi eng? Iwwer wéi eng Kompetenze verfügen si fir de Fall, datt d'Ubidder am Ausland sëtzen?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten